N° 4393
Reçue le 06.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 juillet 2021

**Réf. :** 838x4eee0

**Concerne:** Question parlementaire n° 4393 du 2 juin 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire à la question parlementaire n° 4393 du 2 juin 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le Secteur hospitalier.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4393 du 2 juin 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le Secteur hospitalier**

*Wéi vill Better stinn de Patienten am Süden zu Verfügung? Wéi vill Better sinn dat op 10'000 Awunner gekuckt? Wéi vill Better stinn de Patienten am Norden zu Verfügung? Wéi vill Better sinn dat op 10'000 Awunner gekuckt? Wéi vill Better stinn de Patienten am Zentrum zu Verfügung? Wéi vill Better sinn dat op 10'000 Awunner gekuckt? Wéi vill Better stinn de Patienten am Osten zu Verfügung? Wéi vill Better sinn dat op 10'000 Awunner gekuckt?*

Säit dem Akraafttrieden vum Spidolsgesetz am Joer 2018 gëtt et keng Verdeelung méi vun den Better a Funktioun vun den Regiounen.

D' Verdeelung vun den Better an Funktioun vun den Etablissementer gesäit aktuell folgendermoossen aus :

| Etablissements hospitaliers | Localisation des sites hospitaliers | Classification selon la loi hospitalière 2018 | Statut juridique | Nombre de lits aigus (% total aigu) *(dont lits soins intensifs - USI)* | Nombre de lits de moyen séjour et de longue durée | Nombre total de lits |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Centre Hospitalier du Nord** (CHdN) | 2 sites :<br>- Ettelbruck<br>- Wiltz | Centre Hospitalier | Etablissement public | **321** (15,7%)<br>*dont USI : 16* | **6** *(soins palliatifs)*<br>**30** *(rééducation gériatrique)* | **357** |
| **Centre Hospitalier de Luxembourg** (CHL) | 4 sites à Luxembourg :<br>- Centre<br>- Maternité<br>- KannerKlinik<br>- Eich | Centre Hospitalier | Etablissement public | **571** (28,0%)<br>*dont USI : 63* | **10** *(soins palliatifs)* | **581** |
| **Hôpitaux Robert Schuman** (HRS) | 3 sites à Luxembourg:<br>- Hôpital Kirchberg<br>- Clinique Bohler<br>- ZithaKlinik<br><br>1 site à Esch-sur-Alzette :<br>- Clinique Sainte Marie | Centre Hospitalier | Société anonyme | **632** (31,0%)<br>*dont USI : 33* | **8** *(soins palliatifs)*<br>**70** *(rééducation gériatrique)* | **710** |
| **Centre Hospitalier Emile Mayrisch** (CHEM) | 3 sites:<br>- Esch-sur-Alzette<br>- Dudelange<br>- Niederkorn | Centre Hospitalier | Fondation | **497** (24,3 %)<br>*dont USI : 31* | **17** *(soins palliatifs)*<br>**59** *(rééducation gériatrique)* | **573** |
| **Institut National de Chirurgie Cardiaque et de Cardiologie interventionnelle** (INCCI) | Luxembourg | Etablissement hospitalier spécialisé | Fondation | **19** (0,9 %)<br>*dont USI : 10* | / | **19** |
| **Centre National de Radiothérapie François Baclesse** (CFB) | Esch-sur-Alzette | Etablissement hospitalier spécialisé | Association sans but lucratif | **2** (0,1%)<br>(lits localisés au CHEM) | / | **2** |
| **Centre Hospitalier Neuro-** | 5 sites:<br>- Ettelbruck :<br>Rehaklinik | Etablissement hospitalier spécialisé | Etablissement public | / | **172** *(moyen séjour de réhabilitation psychiatrique)* | **239** |

137-000010-20040525-FR

| Etablissements hospitaliers | Localisation des sites hospitaliers | Classification selon la loi hospitalière 2018 | Statut juridique | Nombre de lits aigus (% total aigu) *(dont lits soins intensifs - USI)* | Nombre de lits de moyen séjour et de longue durée | Nombre total de lits |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Psychiatrique** (CHNP) | - Centres thérapeutiques :<br>- Useldange<br>- Manternach<br>- Diekirch<br>- Luxembourg : Centre Äddi-C | | | | **67** *(longue durée psychiatrique)* | |
| **Centre National de Rééducation Fonctionnelle et de Réadaptation - Rehazenter** (RHZ) | Luxembourg | Etablissement hospitalier spécialisé | Etablissement public | / | **73** *(rééducation fonctionnelle)* | **73** |

*__Wéi vill Infirmièrë schaffe jeeweils an de Spideeler aus dem Norden, dem Süden an dem Zentrum (an absoluten Zuelen an pro 10'000 Awunner gekuckt)?__*

Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 erklärt, ass et net méiglech dës Zuelen an Funktioun vun den Régiounen vum Land ze ginn, mee just an Funktioun vun den verschidden Etablissementer.

| **moyenne ETP 2020** | CHL | CHEM | CHNP | HIS | CFB | INCCI | RHZ | CHdN | O90 | HRS | **Total** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Infirmier (CS7) | 621.19 | 640.05 | 101.41 | 12.90 | 3.92 | 37.20 | 53.76 | 301.37 | 16.41 | 664.88 | 2 453.09 |
| Infirmier Psychiatrie (CS8) | 13.89 | 14.78 | 70.97 | | | | | 18.90 | | 10.77 | 129.31 |
| Infirmier Pédiatrie (CS8) | 86.85 | 11.39 | | | | | | 12.21 | | 36.00 | 146.45 |
| Infirmier Anesthésiste (CS8) | 76.37 | 60.02 | | | | 37.20 | 0.75 | 58.88 | | 98.90 | 332.12 |
| Sage femme (CS8) | 56.57 | 22.12 | | | | | | 17.06 | | 44.50 | 140.25 |
| Infirmier hospitalier gradué (CS9) | 25.95 | 9.50 | 5.25 | 0.75 | | 2.89 | | 4.63 | 1.00 | 27.30 | 77.27 |
| **Total** | 880.82 | 757.86 | 177.63 | 13.65 | 3.92 | 77.29 | 54.51 | 413.05 | 17.41 | 882.35 | 3 278.49 |

Dës Zuelen reflétéieren d'Posten sou wéi se vun der CNS budgétiséiert goufen an wéi d'Etablissementer se ze gutt hunn. Dëst heescht net, datt dës Posten och effektiv alleguerten besaat sinn.

*Laut dem Spidolsgesetz vum 8. Mäerz 2018, ass all Spidol dozou verflicht e Service ze hunn, bei dem sech e Patient schrëftlech oder mëndlech bekloe kann, iwwert e Behuelen, eng Prise en charge oder allgemeng en net Respektéiere vu senge Patienterechter. Wéi vill schrëftlech Reklamatioune goufen a säit dem 1.01.2019 an deene verschiddene Servicer vun de Spideeler agereecht?*

All Spidol huet effektiv sait dem Spidolsgesetz vun 2018 en Service en place gesaat deen mat der Gestioun vun eventuellen Plainten vun der Patientèle chargéiert ass. Parallell dozou huet den Gesondheetsministère och eng Cellule plaintes en place gesaat wëll vill Leit hier Plainten betreffend Spideeler direkt un den Gesondheetsministère richten. An deem Fall hëllt den Gesondheetsministère direkt Kontakt mam concernéiert Spidol op. Et ass deemno schweier eng genau Unzuel vun Plaintes ze nennen wëll déi iwwer verschidden Weer gestallt kënne ginn. Dobai kënnt datt et sougennanten méi kléng Doléancen ginn déi schnell kënnen geléist ginn bis hinn zu Doléance mat enger méi grousser Envergure.

Op Gronn vun den Donnëen déi den Gesondheetsministère vun den véier Hôpitaux aigus zougestallt krut, kann een dovun ausgoen datt eng Ronn 300 Plainten pro Spidol pro Joer rechnen kann.

*Wéi zefridde respektiv onzefridde sinn d'Patienten am generelle mat de medezinesche Servicer hei am Land? Sinn hei Ënnerscheeder jee no Regioun festgestallt ginn? Falls jo, wat fir Grënn kéint dat hunn?*

D' Spideeler féieren regelméisseg sougenannten Enquêtes de satisfaction bei hieren Patienten duerch. D' Resultater fléissen an en Plan d'action vun den jeeweilegen Spideeler mat Verbesserungsvirschléi an.

*Duerch wéi eng anner Indicateure gëtt d'Qualitéit vun de medezinesche Servicer hei am Land erfaass a bewäert? Wat sinn d'Seuils tolérables?*

D' Qualitéit vun den medizineschen Servicer gëtt un Études de satisfaction gemooss déi souwuel national duerchgefouert ginn wéi och um Niveau vun den Spideeler. Ausserdeem gëtt d' Qualitéit och duerch en Incitant Qualité vun der FHL gemooss. Et existéiert effektiv en Qualitéitsprogramm deen folgend Indicateuren beinhaltet : EFQM , identitovigilance, codification médicale.

*An der Äntwert op d'Fro n°106 huet den deemolege Gesondheetsminister erkläert : "Den Audit vun den Urgencen 2017 huet gewisen datt d'Dauer tëschent dem Triage an d'Fleeg tëschent 40 an 90 Minutte fir all Spideeler ass." Wéi hunn dës Zäite säit 2017 evaluéiert (opgeschlësselt no Klinik)? Wéi laang dauert d'Fleeg vun engem Patient an de Services d'Urgence am Schnëtt (opgeschlësselt no Klinik)? Ass d'Ministesch zefridde mat dësen Zuelen? Wann net, wat fir Schrëtt wäerte geholl ginn, fir d'Waardezäite weider ze verréngeren?*

Zur Zäit ass et schwéier d' Evolutioun vun dësen Zuelen ze kommentéieren vu datt duerch d'Covid-Krise, d' Zuelen vun den Passagen an den Urgencen net kënnen gläich gesat ginn mat den Zuelen ausserhalb vun der Covid-Krise. Den Gesondheetsministère ass der Meenung datt et réicht Sënn mécht dës Zuelen z'évaluéieren wann de d' Service d'urgences nees an engem normalen Rhythmus fonctionnéieren an net méi an déi sougenannten Zone rouge an Zone verte agedeelt sinn.

*Falls d'Regierung zu enger oder méi vun dëse Froen keng Ugabe ka maachen, well d'Donnéeë feelen, wéi gedenkt d'Regierung dës Lächer an der Datebank ze fëllen?*

Mir verweisen op d' Äntwerten op déi virecht Froen.